# Hierscht-Post

## OKTOBER - DEZEMBER 2022



AN DER LOUPESCHT
CLUB SENIOR

croix-rouge
luxembourgeoise
Mënschen hëllefen

# Clubs Senior du réseau Help

Pour une vie sociale **épanouissante** et **active** !

Für ein **erfülltes** und **aktives** Sozialleben !

**5.000**
clients actifs chaque année !
aktive Kunden jedes Jahr!

**6**
Clubs Senior

**> 100**
activités différentes
angebotene Aktivitäten

FR

Les **Clubs Senior Help** vous accompagnent dans le **passage à la retraite** et vous encouragent à **rester actifs** tout en développant de **nouveaux liens sociaux** ! Découvrez le **large choix des activités** proposées par nos Clubs Senior.

Vivre ensemble | Intergénérationnel | Interculturalité | Convivialité
Active Ageing | Qualité de vie | Bien-être

DE

Die **Clubs Senior von Help** unterstützen Sie bei der **Vorbereitung auf Ihren Ruhestand** und ermuntern Sie, **aktiv zu bleiben**! Entdecken Sie **die große Auswahl an Aktivitäten** von unseren Clubs Senior.

Zusammen erleben | Generationenübergreifend | Interkulturalität
Geselligkeit | Active Ageing | Lebensqualität | Wohlbefinden

**CS An der Loupescht**
27 55 33 95

**CS Atertdall**
27 55 33 70

**CS Mosaïque Club**
27 55 33 90

**CS Muselheem**
27 55 36 60

**CS Syrdall**
26 35 25 45

**CS Uelzechtdall**
26 33 64 1

help
All Dag ass e gudden Dag

www.help.lu | 26 70 26

**Club Senior An der Loupescht**
2, rue de l'école
L-6235 Beidweiler
T. (+352) 2755 - 3395

Mail : club-loupescht@croix-rouge.lu
www.help.lu / www.croix-rouge.lu

**www.facebook.com/ClubSeniorAnDerLoupescht/**
Liked eis Säit a bleift esou ëmmer um Lafenden iwwert eis **Aktivitéiten a Neiegkeeten.**

*Likez notre page et restez au courant de nos **actualités et activités.***

Club Senior vun de Gemengen: Bech, Betzder, Jonglënster, Konsdref a Waldbëlleg. Mat der Ënnerstëtzung vum Ministère de la Famille, de l'Intégration et à la Grande Région.



**Mat Virbehalt sinn Ännerungen bei den Aktivitéiten méiglech.**

## Léif Clienten a léif Frënn


Den Hierscht ass do! D'Natur straalt a senge schéinste Faarwen a mat senge faarwege Blieder a senge wäermende Sonnestralen hält en eis oft déi eng oder aner flott Iwwerraschung parat. Sou lues muss een seng Tenue e bëssen upassen, fir dann awer genau sou flott kenne vun dobaussen, der fräscher Loft an der Natur ze profitéieren, wéi mir dat an de waarme Summerméint gewinnt waren.


An den Hänn haalt der eis nei Hierscht-Post. Drockfrësch mat engem flotten an ofwiesslungsräiche Programm. Wéi der ewell scho gewinnt sidd, fänken eis Cours'en erëm mat der Rentrée un a mir hunn eis hei di eng oder aner Neiegkeet afale gelooss. Sou fannt dir d'Literatur Treffen, wou mer Bicher beschwätzen oder eise Konferenz-Zyklus zum Liewensenn vun Omega 90, genau sou wéi eis Konferenz iwwert Haassrieden am Internet, déi am Kader vun der semaine de la santé mentale 2022 stattfënnt.

Awer och um sportleche Plang hu mir Neies: nieft engem Hula Hoop Cours, kennt dir och eppes fir är geeschteg Fitness maachen, andeems dir am Ganzheitleche Gedächtnisstraining deelhuelt.

An och soss ass sécher fir jiddereen eppes derbäi an der Hellewull u flotten Aktivitéiten. Kuckt eran an zéckt net lech ze melle wann dir eng Fro hutt, déi ganz Equipe hält sech prett fir lech.

Carole van der Zande
an d'ganz Equipe vum
Club Senior An der Loupescht






## *Chers clients et chers amis*

*L'automne est là ! La nature resplendit de ses plus belles couleurs, avec ses feuilles colorées et ses chauds rayons de soleil, mais cette saison nous réserve souvent des surprises climatiques. Alors lentement, il faut ajuster un peu sa tenue, afin de pouvoir profiter de l'air frais et de la nature aussi bien que pendant les chauds mois d'été.*

*Dans vos mains, vous tenez notre nouvelle brochure d'automne. Fraîchement sorti de la presse avec un programme sympa et varié. Comme vous en avez déjà l'habitude, nos cours reprennent avec la rentrée, et nous l'avons complété avec quelques nouveautés. Vous trouverez par exemple la rencontre littérature, où l'on discute de livres et débattons de sujets d'actualité, ou encore notre cycle de conférences sur la fin de vie d'Omega90, tout comme notre conférence sur les discours de haine sur Internet, qui se déroule dans le cadre de la semaine de la santé mentale 2022.*

*Et même au plan sportif, vous trouverez des nouveautés : un cours de Hula Hoop, tout comme l'entraînement de la mémoire vous attendent.*

*Jetez un coup d'œil, nous avons aussi plein d'autres activités sympas et n'hésitez pas à nous contacter si vous avez une question, toute l'équipe est là pour vous.*

Carole van der Zande
*et toute l'équipe du*
*Club Senior An der Loupescht*



# INFORMATIOUN UN EIS CLIENTEN
## *INFORMATION À NOS CLIENTS*

### CLUB SENIOR AN DER LOUPESCHT ON TOUR

Wéi gewinnt fannt Dir eis och dëst Joer erëm mat eisem Stand op de folgende Chrëschtmäert an der Regioun:

**25. - 27.11 Chrëschtmaart zu Rued-Sir beim Kulturhaus Syrkus**

**02. - 04.12 Chrëschtmaart am Mëllerdall bei der Heringer Millen**

Kommt eis besichen, mir freeën eis !

Dëst Joer si mir och zesumme mat lech „on tour" a gi folgend Mäert besichen:

**05.11 Konschthandwierkermaart „Haupeschfest" zu Bäerdref (S. 44)**

**19.11 Bazar Croix-Rouge Luxembourgeoise (S. 49)**

**13. - 15.12 Chrëschtmaart zu Wiesbaden a Frankfurt (S. 10)**

*Comme d'habitude, vous nous retrouverez aussi cette année avec notre stand sur les marchés de Noël de la région suivants:*

***25. - 27.11 Marché de Noël à Roodt-Syre au Kulturhaus Syrkus***

***02. - 04.12 Marché de Noël au Mullerthal près de la Heringer Millen***

*Au plaisir de vous rencontrer à notre stand !*

*Cette année, nous sommes également en tournée avec vous et visiterons les marchés suivants :*

***05.11 Marché d'art et d'artisanat «Haupeschfest» à Berdorf (p. 44)***

***19.11 Bazar Croix-Rouge Luxembourgeoise (p. 49)***

***13. - 15.12 Marché de Noël à Wiesbaden et Frankfurt (p. 10)***



## SYMBOLER AN EISEM PROGRAMM

- Formateur
- Wou / *Où*
- Auerzäit / *Horaire*
- Tarif
- Umeldungsfrist / *délai d'inscription*

## TRANSPORT

*Eng Aktivitéit aus eiser Broschür interesséiert iech? Dir kennt eenzeg aus Transportproblemer net drun deelhuelen?*

*Dann zéckt net a rufft eis um* **2755-3395** *un, zesumme kucke mir dann no deene verschiddene Méiglechkeeten!*

*Une activité dans notre brochure vous intéresse ? Vous ne pouvez pas y participer uniquement à cause des raisons de transport ?*

*N'hésitez pas, contactez-nous au tél.* ***2755-3395*** *et ensemble nous verrons les différentes possibilités !*



**Mat Virbehalt sinn Ännerungen bei den Aktivitéiten méiglech.**

# BENEVOLAT

## Opruff un Benevoller:
## Mir brauchen Iech !

### An der Adventszäit

Mir si mat eisem Stand op de Chrëschtmäert ënnerwee an dofir siche mer nach fläisseg Hänn, déi eis eng Hand mat upake wëllen. Sief dat beim Hierstelle vun eisen Artikelen, beim Op- an Ofriichte vun eiser Bud oder och beim Verkafen um Stand, all Hëllef ass wëllkomm! Ob dir kreativ, e Kichekueder, handwierklech begaabt oder einfach hëllefsbereet sidd, mir freeën eis op är Ënnerstëtzung.

### Bitzgrupp

Hei siche mir no fläissege Bitzdammen an -hären, déi eis hëllefen Nappe fir op eis Dëscher ze bitzen. Mir wëllen eng méi gemittlech Atmosphär an eisen alldeeglech a gesellegen Aktivitéite kreéieren. Kommt paakt eis eng Hand mat un fir déi iwwer 100m Stoff ze verschaffen.

**Dir hutt Interessi? Da mellt Iech um 2755 – 3395**

## *Appel aux bénévoles :*
## *Nous avons besoin de vous !*

### *Pour la saison de l'Avent,*

*Nous recherchons des mains assidues qui veulent nous prêter main forte sur nos stands aux marchés de Noël. Que ce soit lors de la confection de nos articles, lors de la mise en place de notre stand ou encore lors de la vente, toute aide est la bienvenue! Que vous soyez créatif, cuisinier, artisan ou simplement désireux d'aider, nous nous réjouissons de votre soutien.*

### *Groupe de couture*

*Nous recherchons également des dames et des messieurs appliqués qui nous aideront à coudre des nappes pour nos tables. Nous voulons créer une atmosphère plus chaleureuse dans nos activités quotidiennes. Venez et donnez-nous un coup de main pour venir à bout de ces 100m de tissu.*

***Êtes-vous intéressé par le bénévolat? Contactez-nous au 2755 - 3395***

# FOTOSGALERIE
## *GALERIE DE PHOTOS*



Interclub Petanque



E-Bike Tour




Körperwelten – Eine Herzenssache

**Mat Virbehalt sinn Ännerungen bei den Aktivitéiten méiglech.**

# MINI-REES ZUM JORESENN
# 3 Tage zu den Weihnachtsmärkten in Wiesbaden und Frankfurt

In Zusammenarbeit mit dem Club Syrdall.

## Dienstags bis Donnerstags 13. - 15.12

1. **Tag: Abfahrt nach WIESBADEN**
   Die Stadt ist die Landeshauptstadt des Landes Hessen und mit seinen 15 Thermal- und Mineralquellen eines der ältesten Kurbäder Europas. Die Metropole bietet prachtvolle historische Bauten, einen großen Kurpark, vielerlei schöne Museen, ebenso Galerien wie auch andere Kultureinrichtungen. Nach unserem gemeinsamen Mittagessen im Stadtzentrum haben Sie den Nachmittag zur freien Verfügung. In dieser vorweihnachtlichen Zeit verwandelt sich Wiesbaden dank Sternschnuppenmarkt und dem festlich erleuchteten Kurhaus wieder in einen echten Weihnachtstraum. Am späten Nachmittag Weiterfahrt ins naheliegende Frankfurt-am-Main. Einweisung in unser 4*Hotel: MARITIM Hotel, gemeinsames Abendessen und anschließend Übernachtung.

2. **Tag: Aufenthalt in FRANKFURT**
   Nach dem reichhaltigen Frühstücksbüfett starten wir unseren geführten Stadtrundgang durch die Geschichte und Gegenwart der Stadt FRANKFURT. Im historischen Zentrum erfahren Sie Wissenswertes über die Geschichte der Stadt als Wahl- und Krönungsstätte der Könige und Kaiser des Hl. Römischen Reiches. Die neue Altstadt ist seit 2018 eine weitere Sehenswürdigkeit in der historischen Altstadt. Hier lassen sich zahlreiche Epochen und Architekturstile entdecken. Eine gelungene Mischung aus Alt und Neu mit ganz viel Geschichte und Geschichten auf kleinem Raum. Danach freier Aufenthalt im Stadtzentrum. Natürlich dürfen Sie sich auch hier die weihnachtliche Stimmung nicht entgehen lassen.



240 kreativ geschmückte Buden, ein historisches Karussell und der riesige, knapp 30 Meter hohe mit hunderten von Lichtern geschmückte Weihnachtsbaum verbreiten festlich-romantische Stimmung und sorgen für weihnachtliches Flair auf dem Römerberg. Und das Besondere: in Frankfurt wärmt man sich die kalten Hände am heißen Nationalgetränk: dem Apfelwein. (Mittag- und Abendessen auf eigene Kosten)

**3. Tag : FRANKFURT und Abfahrt nach Hause**
Nach dem Frühstücksbuffet freier Aufenthalt im Stadtzentrum und eine weitere Möglichkeit zu einem letzten Einkaufsbummel durch die festlich geschmückten Fußgängerzonen der Stadt. (Mittagessen auf eigene Kosten). Die Rückfahrt zurück nach Luxemburg erfolgt am frühen Nachmittag.

07h30 P&R Junglinster – Abfahrt im Reisebus
08h00 Parking Niederanven hinter Les Arcades

398 € ; Einzelzimmerzuschlag +75 €
Fahrt im 4*Nicht-Raucher Reisebus, 2 Übernachtungen inkl. Frühstücksbuffet im 4*Hotel Maritim, Mittagessen und Abendessen am 1. Tag, 2 stündige Führung in Frankfurt, Reiserücktrittsversicherung, Begleitung durch 2 Mitarbeiter des Club Senior

31.10



**Mat Virbehalt sinn Ännerungen bei den Aktivitéiten méiglech.**

# SMARTPHONE & TABLET HËLLEF

**Op Rendez-vous**

E Smartphone oder en Tablet kann eis d'Liewen a villen Hisiichten erliichteren, mee dat ass net ëmmer sou einfach oder et geléngt engem net ëmmer dovun notzen ze zéien. Dir braucht emol Hëllef oder hutt geziilt Froen, da mellt Iech bei eis a mir versichen zesumme mat Iech de Problem ze léisen oder är Froen ze beäntwerten. Mir bidden Iech all Méindes mëttes individuell Hëllef un oder Dir kennt och op Rendezvous en Datum mat eis ausmaachen.

***Sur rendez-vous***

*Un Smartphone ou une tablette peuvent faciliter notre quotidien, mais ce n'est pas toujours aussi simple. Si vous avez besoin d'aide ou si avez des questions concrètes, veuillez nous contacter et ensemble nous essaierons de résoudre le problème, respectivement nous répondons à vos questions. Nous vous proposons une assistance individuelle tous les lundis après-midi ou vous pouvez également prendre un rendez-vous à votre convenance*

Club Senior An der Loupescht
2, rue de l'école • L-6235 Beidweiler

10 € pro Stonn / *par heure*



# SENIOR LINE DANCE 50+

**Dënschdes 13.09 - 20.12**

Beim Line Dance gëtt no enger Choreographie gedanzt bei der déi eenzel Dänzer, onofhängeg vu Geschlecht, a Reien a Linne virun an niewenteneen danzen. Danzen ass Ausdrock, Lifestyle, Freed, Fräiheet, Leidenschaft an Kultur. Danzen bréngt Mënschen zesummen, ass gesond an mécht glécklech. Hei geet et net em Héichleeschtung mee drem eppes fir Kierper a Geescht ze maachen. Gitt Deel vun engem flotte Grupp, déi sech all gläich op de Rhythmus vun der Musek beweegen an Spaass dobäi hunn.

**Material**: Gedrénks a bequeem Schong. An der Schoulvakanz ass kee Cours.

***Mardi 13.09 - 20.12***

*La « Dance en Ligne » est dansée d'après une chorégraphie, dans laquelle chaque danseur, danse en rangées et en lignes les uns devant ou à côté des autres. La danse est expression, style de vie, et siginificatif de liberté. Vous voulez danser à nouveau, mais vous n'avez pas de partenaire de danse motivé ? Alors voici l'occasion ! Rejoignez ce groupe de débutants et apprenez comment danser la Line Dance avec beaucoup de plaisir.*

**Matériel** : une boisson et des chaussures confortables. Pas de cours durant les vacances scolaires.

**13.09 Extra – Schnuppercours, kommt och Dir !!**

Daggy Ries

Festsall / *salle des fêtes*
1, rue d'Ernster • L-6183 Gonderange

19h00 > 20h30

130 € fir 14 Kéier / *pour 14 unités*

08.09



**Mat Virbehalt sinn Ännerungen bei den Aktivitéiten méiglech.**

# KEELENOWEND MAT IESSEN
## *SOIRÉE JEU DE QUILLES AVEC DÎNER*

**Méindes 19.09 a Mëttwochs 05.10 / 19.10**
Alle Néng: mir probéieren zesummen déi néng Keelen um Enn vun der Piste ëmzegeheien. Mat ganz vill Spaass an e bësse Seriö wäerte mer gesi wéi vill Keele jiddereen zum Falen bréngt a wien de rietse Bauer erwëscht. Kommt gitt Deel vun eiser neier Ekipp a genéisst e gesellege Keelenowend mat uschléissendem Patt a Maufel.

***Lundi 19.09 et Mercredi 05.10 / 19.10***
*Toutes les 9 : on essaie ensemble de faire tomber les neuf quilles en bout de piste. Avec beaucoup de plaisir et un peu de sérieux, nous verrons combien de quilles chacun fera tomber et qui aura le dernier mot avec le "rietse Bauer". Rejoignez-nous pour une amusante soirée jeu de quilles suivie d'un verre et d'un dîner.*

**19.09: Restaurant Lenert : à la carte**
55, rue d'Echternach • L-6550 Berdorf

**05.10: Café de la Gare : Scampis mat Fritten an Zalot**
197, rue Principale • L-5366 Munsbach

**19.10: Café am Duerf : Escalope Crème Champignons, Fritten a Geméis**
8, rue Principale • L-6930 Mensdorf

17h00 > 20h00

Käschten sinn op der Plaz ze bezuelen /
*frais sont à régler sur place*

15.09 / 28.09 / 05.10



# KEELENMËTTEG ZU SCHLËNNERMANESCHT

## *JEU DE QUILLES À SCHLINDERMANDERSCHEID*

An Zesummenaarbecht mam Club Syrdall.
*En collaboration avec le Club Syrdall.*

**Donneschdes 03.11**
Mir fänke mat engem gemeinsame Mëttegiessen un a stäerken eis mat enger Bouchée à la reine mat Fritten an Zalot an engem gudde Stéck Taart als Dessert. Duerno widme mer eis da ganz dem Keelespillen. Kommt a loosst och Dir emol alle Néng falen!

***Jeudi 03.11***
*On commence par un déjeuner en commun et on fait le plein d'énergie avec une bouchée à la reine avec frites et salade et une bonne part de gâteau en dessert. Après cela, nous nous consacrons entièrement au jeu de quilles. Venez et faites tomber toutes les neuf!*

Keelencenter Langertz-Busto
19, Haaptstrooss • L-9183 Schlindermanderscheid
(Transport op Ufro méiglech-mat Käschte verbonnen)

12h00 > 17h00

30 € Menü a Bunn (Gedrénks ass op der Plaz ze bezuelen) / *menu et piste (boissons seront à régler sur place)*

27.10



**Mat Virbehalt sinn Ännerungen bei den Aktivitéiten méiglech.**

# BADMINTON 50+

### Méindes an Donneschdes  15.09 - 15.12

Dir wëllt och am Alter jonk an aktiv bleiwen?
Laut enger Fuerschungsetüd vun der „Kopenhagen City Heart“ ass Badminton eng vun de Sportaarten déi d'Liewensdauer em iwwert 6 Joer verlängert. Kommt a schléisst lech eiser Loisirs-Grupp un, déi ënner Uleedung Badminton spillt. Ziel ass et mat vill Spaass fit an aktiv ze bleiwen a Kontakter mat anere Leit ze hunn. Dir sidd all wëllkomm, ob Dir schonns gespillt hutt oder net.
**Material:** Sportstenue a Schong fir an der Hal an e Gedrénks, eng Rackett kritt Dir op der Plaz. Schoulvakanz ass keen Training.


### *Lundi et Jeudi  15.09 - 15.12*

*Vous souhaitez rester actif à tout âge?*
*Selon une étude de la « Copenhagen City Heart », le badminton est l'un des sports qui rallonge la vie d'en moyenne 6 ans. Rejoignions notre groupe de loisirs, un groupe de joueurs qui jouent pour le plaisir, et qui auromnt des instructions lors de l'entraînement. Le but est de rester actif et d'être en contact avec d'autres personnes partageant le même intérêt. Que vous ayez un niveau débutant ou avancé, vous êtes les bienvenus !*
***Matériel :** Tenue et chaussures de sport et une boisson, une raquette est mise à votre disposition. Pas de training durant les vacances scolaires.*

Sportshal / *halle de sport*
Centre Polyvalent Gaston Stein

10h00 > 11h30

150 € fir / *pour 1 Saison*



# GEFOUERT WANDERUNG - HOHES VENN

## *MARCHE GUIDÉE – HAUTES FAGNES*

An Zesummenaarbecht mam Club Syrdall.
*En collaboration avec le Club Syrdall.*

**Freides 23.09**

„Hohes Venn“ zielt zu de faszinéierende Landstrëcher vun der Ost-Belsch. Mat eisem Wanderguide entdecke mir dëse Naturpark mat sengen abenteuerleche Rondweeër, déi typesch Héichmoorflächen, souwéi geheimnisvoll Eechebëcher an heemlech Baachdäller. A wéi et sech fir richteg Wanderer gehéiert, wäerte mir géinter Mëtteg bei enger romantescher Hütt picknicken.
**Material:** dem Wieder ugepasste Gezei, fest Schong, Picknick a Gedrénks. **Distanz**: +/-10km

***Vendredi 23.09***

*Les hautes fagnes font partie des étendues de terres les plus fascinantes de la Belgique de l’Est. Avec notre guide, nous découvrons ce parc naturel aves ses circuits aventureux, les forêts de chênes et les vallées fluviales. Et comme il se doit pour des vrais randonneurs, nous ferons un pique-nique près d’une cabane romantique.*
***Matériel:** vêtements adaptés aux conditions météo, chaussures fermées, pique-nique et et une boisson. **Distance** : +/-10km*

P&R Junglinster – Départ am Reesbus
08h00 > 18h00
45 €
16.09



Mat Virbehalt sinn Ännerungen bei den Aktivitéiten méiglech.

# LITERATUR-TREFFEN
## *RENCONTRE LITTÉRAIRE*

**Méindes 26.09 - 05.12**

All 14 Deeg treffen sech hei Leit déi Freed um Liesen an un Bicher hunn fir gemeinsam ausgewielte Bicher ze diskutéieren. Em wat geet et am Buch, wat ass dem Schrëftsteller gutt a wat manner gutt gelongen esou wéi de Fazit vum Buch ginn hei beschwat. An enger entspaanter Ronn wou jiddereen säin eegene Bäitrag leescht a seng eege Meenung däerf hunn, gëtt geschafft. Fir dat éischt Treffen, proposéiere mir d’Buch: LÄRM – Guy Helminger (mam Servais-Präis ausgezeechent). Huelt Iech Zäit, liest et a sidd mat vun der Partie. All Bicherpropose fir d’Suite ass wëllkomm. D‘Sprooch an der d‘Bicher solle sinn ass Lëtzebuergesch, Däitsch oder Franséisch.

***Lundi 26.09 - 05.12***

*Tous les 14 jours, les passionnés de lecture et des livres se retrouvent pour discuter du livre sélectionné en commun. Quelle est l’histoire du livre, qu’est-ce que l’écrivain a bien fait et ce qui n’a pas bien réussi ainsi que la conclusion du livre seront discutés. Le travail se fait dans une ambiance détendue où chacun peut apporter sa propre contribution et avoir sa propre opinion. Pour le premier rendez-vous, nous vous proposons le livre : « LÄRM » de Guy Helminger. Lisez-le à votre tempo et faites partie de ce groupe. Toute proposition de livre pour la suite est la bienvenue. Les livres doivent être rédigés dans la langue luxembourgeoise, allemande ou française.*


Camille Weiland

Club Senior An der Loupescht
2, rue de l’école • L-6235 Beidweiler

16h30 > 18h00

Gratis / *Gratuit*

20.09



# ENTSPANUNG MAT KLANGSCHUELEN
## *RELAXATION AVEC BOLS CHANTANTS*

**Dënschdes 27.09 / 11.10 / 25.10 / 08.11 / 22.11 / 06.12**

Mir lueden Iech zu enger eenzegaarteger Klangrees an. Kuerz gëtt déi harmoniséierend Wierkung erkläert, ier et dann an Uechtsamkeet an Entspanungsphas iwwer geet. De Klang, d'Vibratiounen an d'Schwéngunge vu verschiddene Klangschuele wierke schonn a wéinege Minutte regenerativ. An duerch den unhalenden Toun gëtt Konzentratioun erhéicht an emotional Blockaden a Verspanunge geléist.

**Material:** bequeem Kleeder, bequeem Ënnerlag fir um Buedem ze leien, Këssen, Decken an e Gedrénks.

***Mardi 27.09 / 11.10 / 25.10 / 08.11 / 22.11 / 06.12***

*Nous vous invitons à un voyage sonore unique. L'effet harmonisant est brièvement expliqué avant de passer à la phase de pleine conscience et de relaxation. Le son, les vibrations et les amplitudes de différentes nuances sonores agissent en quelques minutes sur votre corps. Et grâce au ton soutenu, la concentration augmente, les états émotionnels et les tensions sont débloqués.*

**Matériel :** *vêtements confortables, matelas confortable pour s'allonger sur le sol, coussin, couverture et une boisson.*

**Einführung in die Welt der Klangschalen / *Atelier bols chantants***

| | |
|---|---|
| Dënschdes / Mardi | 09h30 > 11h00 |
| *06.09 / 13.09* | *40 € fir 2 Kéier / pour 2 unités* |

Gabriele Schriever

Veräinsbau Christnach
7, Fielserstrooss
L-7640 Christnach

09h00 > 10h30

120 € fir 6 Kéier / pour 6 unités

20.09




Entspanung mat Klangschuelen +
Moiesroutine mat Yoga & Mediatioun

# HULA HOOP COURS

**Mëttwochs 28.09 - 07.12**
Wat an de 1950 Joren als Spillsaach op de Maart koum a bei jonk an al gläichermoossen gutt ukoum, erlieft an de läschte Joren e richtegen Hype. Haut sinn d'Hula Hoop de Fitnesstool schlechthin a ween reegelméisseg trainéiert, de wäert et un der Taille, dem Bauch an u méi engem stabillen Réck mierken. Op Ufänger oder Profi, kommt mir hulleren zesummen, nierft dem Dréien, wäerten Fitnessübungen mat an dess flott Stonn afléissen. Traut Iech a sidd mat derbäi, de Spass ass garantéiert.
**Info:** An der Schoulvakanz ass kee Cours.

***Mercredi 28.09 - 07.12***
*Ce qui est arrivé sur le marché en tant que jouet dans les années 1950 et qui a été bien accueilli par les petits et les grands, a connu un véritable engouement ces dernières années. Aujourd'hui, les cerceaux sont l'outil de fitness par excellence et ceux qui s'entraînent régulièrement le remarqueront sur leur taille, leur ventre et un dos plus stable. Que vous soyez débutant ou professionnel, retrouvons-nous et passons un bon moment en faisant ensemble des exercices. Osez et rejoignez-nous, le plaisir est garanti.*
***Info :** Pas de cours durant les vacances scolaires.*

Christiane Weis

Club Senior An der Loupescht
2, rue de l'école • L-6235 Beidweiler

16h30 > 17h30

95 € fir 10 Kéier /
*pour 10 unités*

22.09



# MOIESROUTINE MAT YOGA & MEDITATIOUN

## *ROUTINE MATINALE- YOGA & MEDITATION*

**Donneschdes 29.09 - 08.12**

Duerch Yoga a Meditatioun gëtt Energie a Vitalitéit gewonnen. Dës Eegenschafte begleeden Iech duerch den Alldag a loossen Iech d'Erausfuerderunge vum Liewe méi geloosse bewältegen. Meditatioun um Muere bereet eis op de kommenden Dag vir, woubäi Yoga um Mueren eis Beweegung a Kierpergefill erwächt. Zesummespill vu Yoga a Meditatioun dréit zu kierperlechen a geeschtege Wuelbefanne bäi a garantéiert eis e gudde Start an den Dag.

**Material:** bequeem Kleeder, Yogamatt, Këssen, Decken an e Gedrénks.

**Info:** An der Schoulvakanz ass kee Cours.

***Jeudi 29.09 - 08.12***

*Grâce au yoga et à la méditation, l'énergie et la vitalité sont acquises. Ces qualités vous accompagnent dans votre quotidien et vous permettent de faire face plus facilement aux défis de la vie. La méditation du matin nous prépare pour bien commencer la journée et le yoga du matin réveille nos mouvements et nos sensations corporelles. La combinaison du yoga et de la méditation contribue au bien-être physique, mental et garantit un bon début de journée.*

***Matériel :** vêtements confortables, tapis de yoga, coussin, couverture et une boisson.*

***Info :** Pas de cours durant les vacances scolaire.*

**WORKSHOP YOGA**

| | |
|---|---|
| Donneschdes / Jeudi | 09h30 > 11h00 |
| 08.09 / 15.09 | 30 € fir 2 Kéier / pour 2 unités |

Gabriele Schriever

Veräinsbau Christnach
7, Fielserstrooss • L-7640 Christnach

09h00 > 10h30

150 € fir 10 Kéier / pour 10 unités

22.09

Entspanung mat Klangschuelen +
Moiesroutine mat Yoga & Mediatioun

235€ WELL-BEING PASS

# SINGLE EVENT - SPEED MEETING

**Donneschdes 29.09**
Wärend dësem Single Event léiert jiddereen all eenzele Single kennen. An e puer Ronne vu jeeweils 7 Minutte kritt Dir d'Méiglechkeet an engem flotte Kader nei Leit kennen ze léieren, Iech iwwer Interessen auszetauschen a gemeinsam Hobbyen ze fannen. Nodeems d'Zäit eriwwer ass, kléngt e Gong als Zeechen dat Partnerwiessel stattfënnt, soudass een sech an enger neier Konstellatioun géigeniwwer setzt an e neit Gespréich entsteet. Uschléissend gëtt den Owend bei engem Patt ausklénge gelooss.

***Jeudi 29.09***
*Au cours de cet événement pour célibataires, tout le monde apprend à connaître chaque célibataire. En plusieurs rounds de 7 minutes chacun, vous avez l'opportunité de rencontrer de nouvelles personnes dans un cadre agréable, d'échanger des intérêts et de trouver des passe-temps communs. Une fois le temps écoulé, un gong sonne pour vous inviter à changer de partenaire et une nouvelle conversation s'engage. Enfin, la soirée se terminera autour d'un verre.*

Club Senior An der Loupescht
2, rue de l'école • L-6235 Beidweiler


15h30 > 17h30

Gratis / *Gratuit*

23.09







## INTERNATIONALER TAG DER ÄLTEREN MENSCHEN

# ES LEBE DIE DIVERSITÄT

**Samstag, 1. Oktober 2022**

CELO
476, route de Thionville
L-5886 Hesperange

- **Kostenlos**
- **für alle Interessierten**

**Kreative Workshops**

14:00-16:00 Uhr

- Interaktion und Partizipation rund um das Thema Diversität mit
  - **David Soner** von Pschhh!
  - **Katy Fox** von Mycelium

**Offizieller Teil**

16:30 Uhr

- Grußwort
  Ministerin **Corinne Cahen**
- Vorstellung unserer Projekte
- Theaterperformance - Zizou a Zazou
  Frédérique Colling
  Catherine Elsen
  Claire Wagener

18:00 Uhr

- Apero-Konzert mit Kinima

**Infos + Anmeldung:**

- Tel: 36 04 78 - 1
- info@gero.lu
- oder

Bus: Hesperange, Urbengsschlass

Linien: 412, 413, 414, 423, 424, 511, 655

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Famille, de l'Intégration
et à la Grande Région

gero
KOMPETENZZENTER
FIR DEN ALTER

Gemeng Hesper

# GESELLEGEN TRËPPELTOUR
## *RANDONNÉE CONVIVIALE*

**Méindes  03.10 - 14.11**

Dir sidd eleng ze Fouss ënnerwee? Schléisst lech eis un, mir ginn am klenge Grupp duerch d'Natur trëppelen. Eis Weeër féieren duerch d'Regioun a si ca. 5 bis 7 km. Heibäi kenne mir gemittlech eis Kosettercher halen an eis austauschen. Kommt mat, zesumme mëscht et duebel sou vill Spaass.

**Material:** dem Wieder ugepasste Gezei, fest Schong an e Gedrénks.

***Lundi  03.10 - 14.11***

*Vous marchez seuls ? Rejoignez notre petit groupe et participez à des randonnées dans la nature. Nos chemins à travers la région sont d'environ 5 à 7 km. Ici nous pourrons calmement faire la causette.*

***Matériel:*** vêtements adaptés aux conditions météo, chaussures fermées et une boisson.

Treffpunkt kritt Dir bei der Umeldung matgedeelt. /
*Point de rendez-vous lors de l'inscription*

09h30 > 11h30

Gratis / *Gratuit*

bis Freides virdrun /
*jusqu'au vendredi précédant*



# DJEMBÉ WORKSHOP

**Méindes 03.10 / 17.10 / 31.10 / 14.11**

Probéiert d'Instrument den Djembé - afrikanesch Trommel aus, léiert e Rhythmus spillen, entdeckt déi afrikanesch Musek an hutt Spaass um spillen a gemeinsame sangen. Trommele mëscht net nëmme Spaass, mee erméiglecht och en Ausgläich, fräi vu Gedanken, gëtt nei Energie a bréngt Zefriddenheet mat sech. Kommt an erlieft eenzegaarteg mat Freed gefëllte Momenter.

**Material:** Djembéen gi gratis zur Verfügung gestallt, gäre kennt Dir och äert eegen Instrument matbréngen.

***Lundi 03.10 / 17.10 / 31.10 / 14.11***

*Essayez l'instrument le djembé - tambour africain, apprenez à jouer un rythme, découvrez la musique africaine et amusez-vous en jouant et chantant. Jouer du tambour n'est pas que de l'amusement, mais permet aussi de s'équilibrer, de se libérer de la pensée, donne une nouvelle énergie et apporte de la satisfaction personnelle. Venez vivre des moments uniques remplis de joie.*

***Matériel :*** Djembés sont fournis gratuitement, mais vous pouvez également apporter votre propre instrument.

Sizimwe Masabo

Club Senior An der Loupescht
2, rue de l'école • L-6235 Beidweiler

17h30 > 19h00

60 € fir 4 Kéier /
*pour 4 unités*

26.09



**Mat Virbehalt sinn Ännerungen bei den Aktivitéiten méiglech.**

# PETANQUE

**Dënschdes 04.10 - 15.11**
Mir brénge Leit zesummen, déi Freed a Spaass um Petanque spillen hunn. Gesellt Iech dësem Grupp dobäi, ob dir Hobby-Spiller sidd, schonn ëmmer eng Kéier Petanque ausprobéiere wollt oder e geüübte Spiller sidd, jiddereen ass häerzlech wëllkomm!
**Info :** Partie ass wiederofhängeg. 01.11 ass Paus.

***Mardi 04.10 - 15.11***
*Nous réunissons des gens qui apprécient de jouer ensemble à la pétanque. Que vous soyez débutant ou joueur expérimenté, ou que vous avez toujours voulu essayer la pétanque, tout le monde est le bienvenu dans ce nouveau groupe.*
***Info :** La partie dépend de la météo. Pause le 01.11.*

Treffpunkt kritt Dir bei der Umeldung matgedeelt. / *Point de rendez-vous lors de l'inscription*

09h30 > 11h30

Gratis / *Gratuit*

bis Freides virdrun / *jusqu'au vendredi précédant*



# GESELLSCHAFTSSPILLER
## *JEUX DE SOCIÉTÉ*

**Mëttwochs 05.10 - 16.11**
Loscht op e gemittlechen Nomëtteg an enger klenger geselleger Ronn? Ob bekannt Spiller oder méi nei Spiller, kommt a spillt mat! Vu Bingo, Denkspiller, XXL-Mensch ärgere Dich nicht bis Quiz, Rollespiller vun allem ass eppes dobäi. Mëllt Iech séier un : Laachen a vill Spaass ass garantéiert.


***Mercredi 05.10 - 16.11***
*Vous cherchez à passer un après-midi agréable en toute convivialité ? Que ça soit un peu plus familier ou un nouveau jeu, venez et jouez. Du bingo, jeux de mémoire, XXL-jeux de société classiques, des quiz, des jeux de rôle, il y a un peu de tout. Rejoignez-nous : rires et plaisir sont garantis.*

Club Senior An der Loupescht
2, rue de l'école • L-6235 Beidweiler

14h00 > 16h00

3 € pro Kéier / *par unité*

bis Méindes virdrun / *jusqu'au lundi précédant*



# MOLCOURS
## *COURS DE PEINTURE*

### Donneschdes 06.10 - 15.12

Ausprobéieren, sech mat deenen aneren austauschen an nei einfach Technike léieren, dat ass déi flott Zesummesetzung vun deem heite Molcours. Dir gidd begleet op Äerem Wee moleresch Erfarung ze maachen a kritt vill kreativen Iddien, déi virun allem Spaass maachen. Et ass absolut keng Konschterfarung noutwenneg, an am éischte Cours gëtt iwwert dat néidegt Material geschwat. Kommt an dëse flotte Grupp a loosst ärer kreativer Oder fräie Laf.
**Material:** Schiertech a Molmaterial. Kee Cours an der Schoulvakanz.

### *Jeudi 06.10 - 15.12*

*Essayez, échangez et partagez des nouvelles techniques simples avec d'autres participants, c'est ce que cet agréable cours collectif de peinture vous propose. Vous serrez accompagnés lors de cette expérience artistique et vous aurez de nombreuses idées créatives, qui sont particulièrement divertissantes. Il n'est absolument pas nécessaire d'avoir des compétences artistiques. Lors du premier cours nous discuterons ensemble du matériel qui sera nécessaire. Rejoignez ce sympathique groupe et laissez libre cours à votre créativité.*
***Matériel :*** Tablier et matériel de peinture. Pas de cours pendant les vacances scola

Lenka Sevcikova

Club Senior An der Loupescht
2, rue de l'école • L-6235 Beidweiler

18h00 > 20h00

150 € fir 10 Kéier /
*pour 10 unités*

30.09



 Fir all Aktivitéiten umellen **2755 - 3395** / club-loupescht@croix-rouge.lu

# SINGLE-EVENTS



Nieft eisen traditionellen Aktivitéiten hunn e puer Club Senior‘en sech zesumme gedoen a bidden Single-Events Aktivitéiten un.

Hei hutt der d‘Geleeënheet ëmmer ob en Neits interessant Dammen an Hären kennenzeléieren.

Org.: Club Senior - An der Loupescht - Club Haus an de Sauerwisen - Club Haus op der Heed - Prënzebierg - Strossen - Syrdall

# AGENDA

## JULI - DEZEMBER 2022

1

### IVV-WANDERUNG NIDDERFEELEN (12 KM)

1,50 €

**Sonndes, 10. Juli 2022 I 9h30 - 15h00**

Mir begleeden Iech op enger IVV-Wanderung zu Nidderfeelen. Duerno gesellegt Iessen op der Plaz.

Nous vous accompagnons lors d'une randonnée IVV à Nidderfeelen. La journée se termine par un repas convivial.

**Centre Culturel Hennesbau, L-9175 Nidderfeelen**
**sauerwisen@pt.lu, 56 40 40**

2

### OUTDOOR ESCAPE TIME TRAVELERS (4 KM)

25 €

**Dënschdes, 9. August 2022 I 14h00 - 18h00**

Léist spannend Rätselen duerch den Zentrum vun der Stad. Gemeinsamen Ofschlosspatt no erfollegräicher Missioun.

Résolvez des énigmes passionnantes dans le centre de Luxembourg-ville. Une fois la mission accomplie avec succès, nous buvons ensemble un verre.

**Club Senior Prënzebierg, L-4660 Differdange**
**info.prenzebierg@differdange.lu, 26 58 06 60**

3

### SPEED MEETING

GRATIS

**Donneschdes, 29. September 2022 I 15h30 - 17h30**

An engem flotte Kader kritt Dir d'Méiglechkeet nei Leit kennen ze léieren. Uschléissend drénke mir ee Patt zesummen.

Dans un cadre agréable, vous aurez l'occasion de faire connaissance avec de nouvelles personnes. Suivi d'un pot de l'amitié.

**Club Senior An der Loupescht, L-6235 Beidweiler**
**club-loupescht@croix-rouge.lu, 2755-3395**

4

## SECH KENNELÉIEREN BEI ENGEM PATT

## VOR ORT ZAHLEN

**Donneschdes, 20. Oktober 2022 I 14h30 - 16h30**

Nomëtten mat animéierten Diskussiounen fir sech kennenzeléieren.

Après-midi avec discussion animée dans le but de se connaître.

**Belle-Etoile, L-8050 Bertrange**
**clubsenior@strassen.lu, 31 02 62 407**

5

## SECH KENNELÉIERE BEI ENGEM GESEL-LEGEN KÉISOWEND

## 40 €

**Mëttwoch, 23. November 2022 I 18h00 - 21h00**

Gesellegen Kéisowend fir sech kennenzeléieren.

Soirée fromage conviviale pour mieux se connaître.

**Centre Culturel „Nei Schoul“, L-5741 Filsdorf**
**syrdall@clubsyrdall.lu, 26 35 25 45**

6

## NOMËTTES-WANDERUNG

**Donneschdes, 8. Dezember 2022 I ab 15h00**

Eng Nomëtteswanderung mat klengen häerzlechen Éisleker Spezialitéiten....

**Club Haus op der Heed, L-9755 Hupperdange**
**info@opderheed.lu, 99 82 36**

# Single-Wanderungen

Einmal im Monat bieten wir Ihnen die Möglichkeit in geselliger Runde an einer IVV-Wanderung teilzunehmen. Treffpunkt ist immer um 9h30 am Halleneingang.

**Sonntag, 10. Juli - Niederfeulen**
**Montag, 15. August - Gilsdorf**
**Sonntag, 11. September - Heffingen**
**Sonntag, 23. Oktober - Bascharage**
**Sonntag, 20. November - Kehlen**
**Samstag, 10. Dezember - Luxemburg**

Kosten : 1,50 € Startgebühr - selbst vor Ort zu bezahlen

Informationen : Club Haus an de Sauerwisen : sauerwisen@pt.lu , 56 40 40

# INFO

- Die Events richten sich an Singles.
- Unabhängig von Ihrem Wohnort, können sie an allen Events teilnehmen.
- Bei Interesse an einem Event können Sie unter der jeweiligen Telefonnummer oder Email genauere Informationen erhalten und sich direkt anmelden.
- Die Anzahl der teilnehmenden Personen ist begrenzt. Wir bemühen uns um ein ausgeglichenes Geschlechterverhältnis.
- Wir respektieren Ihre persönlichen Daten im Rahmen des aktuellen Datenschutzes, sowie die jeweiligen COVID-19-Bestimmungen.

- Nous proposons nos événements pour célibataires.
- Vous pouvez participer à tous les événements, quelque soit votre lieu de résidence.
- Si vous êtes intéressé par un événement, vous pouvez obtenir des informations plus détaillées sous le numéro de téléphone ou l'email respectif.
- Le nombre de participants est limité. Nous prenons soin de veiller à un ratio hommes / femmes équilibré.
- Nous respectons vos données personnelles dans le cadre de la protection des données actuel, ainsi que les réglementations COVID-19 respectives.

*... well flirten a Vëlofuere verléiert een net.*

# WANDERUNGEN MAT MËTTEGIESSEN

## *RANDONÉES AVEC DÉJEUNER*

An Zesummenaarbecht mam Club Haus an de Sauerwisen.
*En collaboration avec le Club Haus an de Sauerwisen.*

### Freides 07.10

**-Konsdref a Kuelscheier-**
